N° 6849
Entrée le 15.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.09.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 15. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie a Landesplanung weiderzeleeden.

An de leschten Deeg a Woche koum et e puer Mol zu gréissere Stroumpannen op verschiddene Plazen am Land, dorënner Diddeleng, Käl, Ell, Réiden a Rammerech, fir e puer Beispiller ze nennen. Plazeweis hate ganz Uertschafte keen Elektresch.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Energie a Landesplanung stellen :

- Kann den Här Minister mech iwwer d'Grënn vun dëse Stroumpannen opklären ?
- Gëtt et e Problem mam Stroumnetz ?
    - Wa jo, duerch wat sinn dës Problemer bedéngt ?
    - A wat gëtt aktuell ënnerholl, fir d'Stroumnetz beschtméiglech ze stabiliséieren ?
- Wéi vill Stroumpanne goufen dëst Joer bis elo landeswäit verzeechent ?
- Wéi laang huet et an der Moyenne gedauert, bis se behuewe waren ?
- Wéi läit d'Unzuel vu Stroumpannen dëst Joer am Verglach mam selwechten Zäitraum vum leschte Joer ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu